



zel Schoulgemeinschaften, déi am beschte wësen, wat si brauchen, fir de Bedierfnisser vun der respektiver Schoulpopulatioun gerecht ze ginn.

Dëst gesot, soen ech dem Rapporteur, dem honorabele Fernand Diederich, Merci fir säin ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport a ginn heimadder den Accord vu menger Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Bauler. Als nächste Riedner ass den Här Adam agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Merci, Här President. Ech soen och dem honorabele Rapporteur Merci fir seng Aarbecht. Ech wollt och den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi bréngen.

Och déi gréng si frou, datt mer de Lycée zu Réiden hunn, datt mer eigentlech ganz vill positiv Norichte vun deem Lycée kréien. Et ass e Lycée, dee sech flott entwéckelt, a mir fannen et nëmme richteg a selbstverständlech, datt dee Lycée och elo kann an der Filière supérieure Klassen opbauen.

Ech mengen, de Succès vun deem Lycée, zu deem droe vill Leit bāi. Éischstens hat dee Lycée Zäit, sech ze preparéieren, ier e seng Dieren opgemaach huet. En hat Zäit, fir eng motivéiert Equipe opzebauen. En huet eng motivéiert Direktioun, a wéi gesot, mir si frou kënnen un deem Erfolg vun deem Lycée deelzehuelen.

Mir félicitéieren deenen allegueren, déi dorun- ner geschafft hunn. A wéi gesot, den Accord vun der grénger Fraktioun ass och do.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Adam. Da kritt d'Wuert den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och vun eiser Säit aus selbstverständlech e ganz hærzleche Merci un den honorabelen Här Diederich fir säi gudde Rapport. Et ass an eisen Ae ganz wichteg, déi Lycées de proximité ausbauen. Et dréit vill zur Liewensqualitét vun de Schüler an hire Famillje bāi, wa se eng Schoul hunn, déi an der Géigend ass, do, wou se wunnen. Et wäert d'Regiounen op an et dréit natierlech am Kader vun enger Verkéiersplangung am ganze Land derzou bāi, fir verschidde Schwieregkeete mat ze behiewen.

Zwee kleng Kommentaren, wat de Projet ugeet. Dat eent ass d'Dénominatioun am Gesetz fir de Cycle supérieur vum Enseignement secondaire. Et ass eis opgefällt, datt mer deen ewell weder „classique“ nach „général“ nennen. Mir hate jo eng Debatt a leschter Zäit: Ass et den Enseignement secondaire classique oder de Général? Dat ass an dësem Gesetz iwwerhaapt net méi spezifizéiert. Et wär interessant vläicht, wann d'Madame Minister eis kéint soen, firwat dat Kand elo keen Numm méi huet.

Dat Zweet ass, datt een den Intitulé vum Gesetz och eventuell hätt kënnen mat upassen. Den Atert-Lycée, dee fénnt säi Wuert oder säin Numm an engem Règlement grand-ducal, mā offiziell am Gesetz gëtt en nach ëmmer als „Établissement secondaire technique“ considé- réiert, wat en awer net méi ass, well e jo déi zwee Types d'enseignement matenee ver- bënnt.

D'Fro ass duerfir: Hätte mer net solle gläichzäit- teg elo och dat gesetzlech änneren, wat an engem Règlement grand-ducal - ech menge vun 2006, vum Januar 2006 - scho virgi gouf?

Mir wënschen, wéi d'Kollegee virdrun, alle Leit, déi am Atert-Lycée schaffen, léieren, sech enga- géiere fir hir Schüler, an all deenen, déi mat deem Lycée ze dinne hunn, all deene wënsche mer vill Freed an Erfolg, inklusiv selbst- verständlech an der neier Sektoun vum Supé- rieur vum Secondaire classique.

Villmools Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Kartheiser. Da kritt d'Wuert d'Madame Éduca- tiounsministesch.

► **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.**- Merci, Här President. Ech wëll mech uschlëssen dem Merci un de Rapporteur, de Fernand Diederich. Ech soen alle menge Vir- riedner Merci an ech freeë mech esou vill wéi - géif ech mengen - déi ganz Equipe vum Atert- Lycée iwwer dee breeden Accord, deen dës ef- fektiv kleng Gesetzesännerung hei an dësem Haus fénnt.

Ech kann all menge Virriedner zoustëmmen, dass d'Geschicht vum Atert-Lycée, wat jo eng kuerz Geschicht ass - véier Joer -, dass dat e Succès ass. Et ass e Lycée, deen immens gutt integréiert an acceptéiert ass an der Regioun. Et ass e Lycée, dee sech opmécht, dee seng

Dieren opmécht, fir ebe just vill Partner ze hunn, fir zesummenzeschaffen. Et ass eng Équipe, déi immens gutt sech fonnt huet, déi gutt zesummege schafft huet, an duerfir kann ee sécher dem Direkter félicitéieren, deen et fäerdegbruecht huet, och där Équipe e Geescht ze insuffléieren, deen et méiglech mécht, dass eng super Aarbecht an där Schoul gemaach gëtt.

Et ass e Lycée, deen innovativ ass, deen effektiv e ganze Koup vun deene Propositionen, déi ech gär géif generaliséieren an der Schoul, vir- mécht, an dee weist, dass dat funktionéiert - zum Beispill, wat den Encadrement vun de Schüler ugeet, wat hir Begleedung ugeet, wat den Tutorat ugeet, wat d'Oriëntatioun ugeet. Op ville Pläng ass déi Schoul a kuerzer Zäit e Modell ginn, deem seng Plaz eigentlech am Lëtzebuurger Schoulsystem net ewechzed- ken ass.

Et ass eng Schoul, déi denkt, wou d'Ensei- gnanten zesummen ëmmer weider nodenken, an dat ass jo am Fong déi grouss Erausfuerde- rung fir d'Schoul vun haut, dass ee sech muss den Ännerunge stellen a sech d'Léisunge gi fir déi Kanner, déi engem uvertraut sinn, déi Schüler, déi ee begleet, dass een deenen dat offréiert, wat se brauchen, fir weiderzekom- men. Duerfir war et fir mech kee Problem, fir ze soen, selbstverständlech kann den Atert-Lycée iewescht Klassen ubidden. D'ganz Chamber huet jo elo deem zougestëmmt, esou dass fir d'Rentrée 2012 déi éischt Troisiëmen da kënnen funktionéieren.

Fir op déi Fro ze äntwerten, firwat dat „Ensei- gnement secondaire“ heescht - ma dat ass, well de Moment all eis sougenannt klassesch Lycéeën „Enseignement secondaire“ heeschen, an all den Texter, an all de Gesetzer.

(**Interruption**)

Bon, Här Kartheiser, da beweist mir de Contraire. Ech kann lech versécheren,...

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ech brén- gen lech déi Texter an déi nächst Kommis- sioune mat.

► **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.**- Mir proposéiere jo, dat ëmzeän- nen, well de Moment...

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ah, dat ass eng aner Saach.

► **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.**- ...de Moment an allen Texter, wat am Volleksmond heescht „de klassische Lycée“, dat heescht „Enseignement secondaire“,...

(**Interruption**)

...an dat, wat am Volleksmond heescht „den Technique“, den Enseignement technique, dat heescht „Enseignement secondaire technique“.

► **Une voix.**- Jo.

► **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.**- An dat gëtt effektiv eng gewësse Konfusioun, well jo all déi Schoule secondaire sinn; dat heescht, si kommen no der École fon- damentale, wou jo en Deel préscolaire ass an en Deel primaire, an da kënnt de Secondaire.

Duerfir proposéieren ech elo, wa mer eng Re- form maachen, dass mer och den Numm än- neren a soen, dat eent ass den „Enseignement secondaire général“ an dat anert ass den „En- seignement secondaire technique“. Mā wéi ge- sot, dat ass och eng vun deene Propositionen, déi an deenen Texter stinn, déi de Moment dis- kutéiert ginn an déi selbstverständlech alleguer- ten ze diskutéiere sinn.

Dat gesot, effektiv hätte mer och den Intitulé vum Gesetz kënnen änneren. Dat ass awer net geschitt. Ech denken, dat mécht awer dem Numm vum Atert-Lycée keen Ofbroch, well dee jo net am Gesetz steet, an et kann ee sé- cher eng Kéier bei Geleëenheet dann dorobber zrëckkommen.

Ech schlësse mech all deenen un, déi dem Atert-Lycée a senge Schüler a sengen Ensei- gnanté ganz vill Erfolg wënschen. De Mo- ment sinn dräi Quatrièmes classiques - offiziell „Enseignement secondaire“ - an där Schoul. A mir sinn da gespaant, wéi vill vun deene Schüler dann hire Wee fannen am Atert-Lycée an d'nächst Joer op der Troisième erëmfefanne sinn.

Villmools Merci alleguer.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Édu- cationsministesch. Domadder wär d'Diskus- ioun ofgeschloss, a mir kommen zur Ofstëm- mung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6364 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi per- seinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

De Projet de loi ass ugeholl mat 60 Jo-Stëm- men.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Chris- tine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par Mme Christine Doerner), Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Ober- weis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Félix Eischen), Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter (par M. Fernand Boden);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges En- gel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Ben Fayot, Claude Haagen (par M. Roger Negri), Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Angel), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Claude Meisch), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques- Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6308, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Reform vun der Formation professionnelle. Och hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Wilmes, Bauler, Adam an Urbany.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Ben Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

10. 6308 - Projet de loi modifiant 1. la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle et 2. le Code du Travail

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

► **M. Ben Fayot (LSAP), rapporteur.**- Här Pre- sident, säit 1999 gëtt et zu Lëtzebuerg eng öf- fentlech Ënnerstëtzung fir d'Entreprises, déi fir hir Salariéien eng Formation continue propo- séieren. Déi Ënnerstëtzung gouf zwëschen 2000 an 2009 intensiv genotzt an déi staatlech Participatioun ass konstant an deem Zäitraum eropgaange vun 12 Milliounen Euro am Joer 2000 bis 32 Milliounen Euro am Joer 2008.

Am Juli 2011 huet eng Bipartite zwëschen der Regierung an der Union des Entreprises statt- fonnt, an där décidéiert gouf, de Saz vun der Direkthëllef vum Stat fir d'Formation continue vun de Salariéien an engem Betrib vu 14,5% op 20% eropzesetzen, dëst am Kader vun der all- gemenger Ënnerstëtzung vun de Betriber an enger schwiereger wirtschaftlecher Situatioun.

Augenblicklech profitéiere 24 vun de 25 gréisste Lëtzebuurger privatwirtschaftleche Be- triber vun dëser Ënnerstëtzung. Si beschäftege bis zu 40% vun de Salariée vum all de Betriber, déi vun der Mesure kënnen profitéieren. Et gëtt gehofft, dass duerch d'Erhéijung vum Saz méi Betriber, besonnesch och Kleng- a Mëttelbetri- ber, déi Hëllef an Usproch huelen an also méi Salariéien insgesamt an de Genoss vun där For- mation continue kommen, dëst selbst- verständlech am Intérêt vun de Salariéien an hirer Employabilitéit, vun de Betriber an och vun der wirtschaftlecher Produktivitéit insgesamt.

Derbāi kënnt, dass d'Regierung Weiterbildungs- aktioune fir besonnesch Kategorië vu Salariée méi staark ënnerstëtze wëllt. Sou soll de Sub- ventionssaz op 35% eropgesat gi fir Salariéien, déi keen offiziell unerkannten Diplom hunn a manner wéi zéng Joer am Betrib schaffen, an och fir Salariéien, déi iwwer 45 Joer al sinn. Dës Eropsetzung vum Taux soll derzou bäidroen, déi zwou Kategorië vu Salariéien an d'Weider- bildung mat eranzekréien. Des Weidere ginn an dem Projet Upassungen opgrond vum Gesetz vum 19. Dezember 2008 iwwert d'Beruffsaus- bildung virgeholl.

Opgrond vun den Avisé vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers, der Chambre des Salariés, opgrond och vun zwee Avisé vum Conseil d'État huet ons Kommissioun

zesumme mat der Regierung den urspréngle- che Projet ëmgeännert.

Fir d'Éischt hu mer den Titel geännert, fir kloer drop hinzeweisen, dass mer éischstens d'Gesetz vum 19. Dezember 2008 iwwert d'Beruffsaus- bildung an zweetens de Code du Travail ëmän- neren. Domat ass och den ursprénglechen Agencement vum Gesetz ëmgeännert ginn.

Am Artikel 1 - vun dräi Artikelen -, am Artikel 1 also gëtt den Artikel 43 vum Beruffsaus- bildungsgesetz vum 2008 geännert an deem Sënn, dass d'Définitioun vun de Prestatairé vun der Formation continue erweidert gëtt: Aall déi Institutionen öffentlecher oder privater Natur, déi vun den öffentlechen Autoritéiten uner- kannt ginn, ob national oder international, ge- héieren derzou, grad wéi d'Beruffskummeren, d'Gemengen, d'Stëftungen, d'Privatpersounen oder Associatiounen, déi en Agrément vum zoustännege Minister hunn, wéi och Minis- tèren, öffentlech Verwaltungen an Établis- sements publics.

D'Fro ass opkomm, ob een als net Lëtzebuurger Autorité publique nëmmen där aus der Europä- escher Unioun unerkenne soll oder méi wäit goe soll. Et ass ons gesot ginn, dass gewësse Fi- nanzformatiounen zum Beispill an den USA kënnen absolviéiert ginn. Duerfir hu mer déi Unerkennung international méiglech gemaach.

Opgrond vun dësem Artikel 1 ginn dann am Artikel 2 eng Partie Artikele vum Code du Tra- vail ëmgeännert. Ënner anerem gëtt och de Saz vun der Subventioun vu 14,5% op 20% erop- gesat an och de Saz vu 15% festgeluecht, dee bei déi 20% kënnt, fir déi zwou Kategorië vu Salariéien, déi ech am Ufank genannt hunn, an de Genoss vun der Weiterbildung ze kréien.

Eng Schwieregkeet hat d'Kommissioun mat Re- serve vum Conseil d'État iwwert d'Mission de contrôle, déi d'Regierung der Commission consultative interministérielle wollt ginn. Dës Kommissioun besteet aus jee engem Vertrieder vum Ministère de la Formation professionnelle, vum Aarbechtsministère, dem Mëttelstandsmi- nistère, dem Wirtschaftsministère an aus zwee Vertrieder vum Finanzministère.

D'Iddi war, dass den zoustännege Minister sech a senger Verantwortung fir d'Kontroll vun der Realitéit vun de Weiterbildungsmoossnamen an de Betriber vun dëser Kommissioun ënner- stëtze loosse kéint. De Statsrot huet dat als ze vag emfonnt. Mir hunn duerfir déi Mission de contrôle fir déi Kommissioun fale gelooss, fir ze vermeiden, dass d'Dispens vum zweete Vote a Gefor kéim, well dëst Gesetz eigentlech schonn Enn 2011 hätt sollen a Kraaft treden. Et ass selbstverständlech, dass Kontrolle gemaach ginn an dass den zoustännege Minister fir déi Kontrolle responsabel ass.

Schliesslech, Här President, gëtt et Strofbestëm- munge fir déi Entreprises, déi versiche géifen, déi staatlech Hëllef onrechtméisseg ze kréien. De Statsrot huet drop gehalen, dass e Recours en réformation virum Verwaltungsgericht géint eng diesbezüglich Sanktioun vum Minister kéint agereecht ginn, wat mer dann och ge- maach hunn.

Schliesslech seet den Artikel 3, dass d'Gesetz réckwierkend op den 1. Januar 2011 a Kraaft tritt. De Statsrot huet kee Problem mat dëser Retroaktivitéit, well se op gesetzleche Virgabe berout an och Engagements vum Stat be- inhalt.

Dat gesot, Här President, wollt ech lech bieten, dësem Projet zouzestëmmen, an ech ginn och d'Zoustëmmung vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur Ben Fayot. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Serge Wilmes agedroen. Här Wilmes, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Serge Wilmes (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'Éischt, dem Här Rapporteur, dem Här Fayot, e grouse Merci ze soe fir säin exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport. Den Här Fayot huet ons hei elo grad déi grouss Linne vun deem wichtege Gesetzesprojet erkläert, ee wichtege Gesetzesprojet, an dat grad och a Kri- senzäiten, well en eben de Betriber et erméig- lecht, an d'Zukunft ze investéieren.

Déi Zukunft, dat ass a bleift an engem Betrib säi Personal mat sengem Fachwëssen. A fir dat ze stäerken ass et wichteg, datt d'Personal sech regelméisseg ebe weiterbilt, fir esou fit ze bleiwe fir souwuel méi schwéier wéi och besser Zäiten, a sech also och géint eventuell Entloos- sung ka schützen.



Dat ass besonnesch wouer fir déi Persounen, déi praktesch keng Qualifikatioun hunn, respektiv fir déi méi eeler Mataarbechter an engem Betrib. Grad dës zwou Kategorië sinn nämlech déi éischt, déi riskéieren, hir Aarbechtsplazen ze verléieren, wann e Betrib a Schwie-regkeete kënnt. A grad dës zwou Kategorië sinn et, déi dann enorm Problemer hunn, fir nees aus dem Chômage erauszekommen.

Duerfir ass et richteg, datt duerch dës Gesetzesprojet d'Weiderbildung vun deene genannte Leit soll ënnerstëtzt ginn. Mir kënnen eis et einfach net erlazen, fir dat Potenzial, dat an deene Leit stécht, op der Strooss leien ze loossen.

Dat géllt virun allem fir déi méi eeler Employéen, déi éischters ee grousst Wëssen, eng laang Erfahrung hunn an domat eng wichteg Stäip vun engem Betrib sinn, a vun deene mer jo och zweetens am Kader vun där geplangter Pensiounsreform gär hätten, datt se méi laang solle schaffen goen. An deem Sënn ass déi berufflech Weiderbildung eng Méiglechkeet fir si, fir sech an hirem Betrib - wéi een esou schéin op Franséisch seet - „indispensable“ ze maachen.

Indispensabel solle sech awer och all déi aner Employéë kënnen maachen, also och déijéineg, déi héich qualifizéiert sinn, well et ass nun eben esou, datt ons Gesellschaft sech ganz séier verännert, an engem Rhythmus souguer wéi d'Mënschheet e bis elo nach net kannet huet. An op dës Tatsaach an hir Konsequenzen, do géllt et ze reagéieren, wann een net gären hätt, datt ee géif vun der Entwécklung iwwerrannt oder distanzéiert ginn. Dat heescht, der Realitéit eben an d'Aen ze kucken an also ze gesinn, datt d'Wësse sech ongeféier all dräi Joer verännert.

Et brauch een hei nëmmen un ee Beräich wéi zum Beispill dee vun der Informatik ze denken, wou zum Beispill d'Veearbechtung um Computer vun engem Text oder engem Dokument sech immens séier verännert. Wat also haut wouer ass, dat ass an e puer Joer schon net méi de Fall. Wat haut dee modernste Kommunikationsapparat ass, deen ass an engem Joer scho längst kale Kaffi.

Dat Wëssen, dat een deemno an der Schoul geléiert huet an dat een duerch en Diplom unerkannt kritt, muss also regelméisseg ugepasst ginn, well deen Diplom ass zwar den Entréesticket fir op den Aarbechtsmaart, mä deen Ticket riskéiert awer, ganz séier ofzelafen, wann ee säi Wëssen net permanent à jour hält.

Dës Gesetzesprojet erlaabt also, léif Kolleginnen a Kollegen, de Betriber, sech den Érausfuerderung vun haut a vu muer unzepassen, andeems se d'Qualifikatioun vun hirem Personal méiglechst héich halen. An en erlaabt dem Personal, seng Chancen ze erhéien, fir an der Aarbecht ze bleiwen an ee méigleche Chômage ze vermeiden. Aus all dëse Grënn wäerte mir och als CSV-Fraktioun de Gesetzesprojet hei stëmmen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Wilmes. Als nächste Riedner ass den Här Bauler agedroen. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Bauler (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, datt mer derfir suergen, datt eis Betriber an enger Welt, déi sech permanent verännert, wettbewerbsfäeg bleiwen, ass eng Evidenz. Dozou gehéiert och, datt dës Betriber hir Salarië regelméisseg a Formatiounen schécken, sou datt si op Changementer am Beruffsliewe virbereet sinn.

Et ass ze hoffen, datt mat dëser gesetzlecher Annerung den administrativen Opwand net ze grouss gëtt, fir datt och méi Kleng- a Mëttelbetriber vun dëser Hëllef profitéiere kënnen, well et däréi een net vergiessen, wéi wichteg de Mëttelstand fir eis Wirtschaft ass. D'Eropsetze vum Taux vun der direkter Hëllef vu 14,5% op 20% kann derzou bäidroen, datt d'Réckgrat vun eiser Ekonomie, de Mëttelstand also, gestärkt gëtt.

An dësem Kontext wier et iwwregens interessant, gewuer ze ginn, wéi vill Betriber vun de Weiderbildungsmoosnamen profitéiert hunn, déi 2006 an der Tripartite beschloss goufen. Gouf do eng Evaluatioun gemaach och a puncto Wierksamkeet?

Mir liewe mëttlerweil an engem Ëmfeld vu Mesuren, wou ee vu lauter Beem kee Bësch méi gesäit. D'Madame Ministesch kann eis do vläicht Opschloss ginn.

D'Eropsetze vun der Aide vun 20% op 35% fir Persounen, déi net diploméiert sinn a manner wéi zéng Joer Anciennetéit hunn, awer och a

grad en faveur vu Leit, déi 45 a méi Joer al sinn, ass e wichtige Schrëtt. Ëmmer méi Leit, déi an där doter Alterskategorie leien, kréien et schwéier, um Aarbechtsmaart matzehalen, a sinn engem méi grouss Risiko ausgesat, fir aarbechtslos ze ginn.

Déi héich Aarbechtslosegkeet vu 6,4% ass besuergniserreegend. D'Tendenz ass steigend. Iwwer 20.000 Leit siche mëttlerweil eng Aarbecht. Et feelt dacks u qualifizéierte Leit. An déi Leit, déi keng Aarbecht hunn, si villfach net qualifizéiert genuch.

En Hauptproblem bei dem wuessende Chômage läit eendeiteg bei der ze niddreger Qualifikatioun. Dat ass e Problem, dee mer zënter Jore kennen an deen eis elo an der Kris méi wéi jee ze schafe mécht. Et happert ëmmer nach bei der berufflecher Orientéierung. An och an der Regierungspress ass ee sech mëttlerweil net méi esou sécher, datt d'Reformen am schoulesche Beräich - souwuel déi, déi schonn duerchgezu goufen, wéi déi, déi nach komme sollen - fir Verbesserungen an domat fir Verbesserungen um Aarbechtsmaart suergen.

Dréngend Reforme sinn einfach op déi laang Bänk gedréckt ginn. Dat ass jiddefalls de Constat vu menger Fraktioun, der DP-Fraktioun, déi an deene leschte Méint a Joren net midd gouf, op dréngend Reformen hinzewiesen, virun allem am Beräich vun der Beschäftigungspolitik.

Wann d'Reformen an der Schoul nëmmen e strukturelle Charakter kréien, wa sech also näischt un den Inhalter, un der pädagogescher Qualitéit, un der Beziéung Schüler/Enseignant - déi jo entscheidend ass - an un der Orientéierungskultur änneren géif, wäert och dës Reform kaum eng Äntwert op d'Érausfuerderunge vum Aarbechtsmaart liwweren. Ganz am Géigendeel: Da wäert d'Jugendarbeitslosegkeet weider klammen.

Strukturenformen hu kaum en Afloss, well si änneren näischt un der konkreter Praxis am Klassenall. Et kënnt op d'Verännerungen an der Léier an an der Vermittlungskultur un. Dat ass den eigentlechen Défi, op dee mer eng Äntwert fanne mussen an un deem sech letztlech all Reform muss moosse loosse.

Ofschléissend wéilt ech dem Rapporteur, dem honorable Ben Fayot, en härezeleche Merci fir säin detailléierte Bericht soen an domat den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ginn.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Bauler. Als nächste Riedner ass den Här Claude Adam agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, am Prinzip geet et jo hei drëm, datt mer wëllen, datt eis Leit, eis Leit an de Betriber, eis Leit an der Gesellschaft, mir alleguer, besser forméiert sinn. Dat ass e luewenswäert Zil. An dat ënnersträichen déi gréng natierlech och. Do sinn ech och eens mat all menge Virriedner, déi hei viru mir d'Wuert ergraff hunn.

Mir sinn awer net der Meenung, datt mer mat engem Gesetz wéi deem hei dat Zil errechen. Mir sinn der Meenung, datt mer d'Suen hei un d'Betriber net differenziéiert genuch verdeelen. Schlussendlech sinn et just déi Beschäftigéiert, déi am meeschte wäerte vun esou enger Aart vun Hëllef profitéieren.

Déi Mesure, fir d'Leit, déi keen Diplom hunn, ze ënnerstëtzen, déi schéngt eis nach sënnavoll, mä fir déi Leit, déi iwwer 45 Joer hunn, och an eng Kategorie ze setzen, wou mer scho mengen, mir missten déi ënnerstëtzen, dat léisst awer eng ganz Rei Froen op.

Ech war d'lescht Woch op engem Virtrag, deen d'ASTI zesumme mat der Uni Lëtzebuerg hat iwwert d'Jugend vu Lëtzebuerg. Do ass definiéiert ginn, d'Jugend, dat geet bis 29 Joer. Dat heescht, mer hunn da bal nëmme méi eng Kategorie vun deenen 29- bis 45-Jähregen, wou mer géife soen, déi misste kënnen op engem Aarbechtsmarché bestoen ouni spezifesch Hëllef. An do menge mer, wa mer esou ondiffereziéiert hëllef, da geet d'Hëllef verluer. Dat mécht kee Sënn.

A mir sinn och mat der Chambre des Salariés enttäuscht, datt mer d'Salariéen net méi an den Décisionsprozess, wéi déi berufflech Weiderbildung soll ausgesinn, do abezunn hunn. Grad wéi d'Gewerkschaften OGB-L, LCGB an ALEBA kënnen mir eis och virstellen, datt een esou Mesuren, fir datt se da wierklech solle wirken, vill méi differenziéiert misst op eng spezifesch... A si hunn och an hirem Avis eng ganz Rei Leit opgefouert, déi wierklech misste spezifesch gehollef kréien. Mir sinn der Meenung, wa mer dat esou verallgemengeren a wa mer déi Hëllef esou ouni Konditiounen ausginn, dann hu mer net gutt geschafft.

Duerfir kann ech och net den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Adam. Als nächste Riedner ass den Här Kartheiser agedroen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, villmools Merci. Och mir soen dem Här Fayot als eise Rapporteur Merci fir eng ganz gutt Aarbecht, déi hie gemaach huet. Et ass richteg, datt mir eis Entrepreneuren ënnerstëtzen, déi aktiv ginn an der Formatioun vun hire Mataarbechter. Et ass och richteg, fir ze probéieren, besonnesch d'Qualifikatiounen vun deenen ze verbessern, déi keen unerkannten Diplom hunn an net vill Anciennetéit hunn, respektiv fir déi, déi iwwer 45 Joer sinn.

Well ech mengen, Här Adam, Dir sidd lech och bewosst, datt een, dee 45 Joer a méi al ass an an eng Chômesituatioun fält, dacks vill méi Problemer huet nach wéi anerer, fir erëm kënnen Fouss ze faassen um Aarbechtsmarché. Et ass ganz wichteg, datt mer déi Leit och begleeden, fir esou Situatiounen dann ze verhënnern.

D'Zertifikatiounen duerch d'Prestataires de formation selwer ass och richteg. Allerdéngs ass dat nëmme richteg, wa mir eis ëmmer d'Fro stellen, wéi d'Qualitéit an den Inhalt vun deene Formatiounen da sinn, déi déi Prestataires de formation offrëieren.

D'ADR notéiert déi Propositionen vun der Handelskummer an der Salariatskummer, fir spezifesch Moosnamen och fir aner Kategorië vu Leit ze offrëieren, wéi zum Beispill déi behënneren Leit oder Leit, déi eng laang Paus um Aarbechtsmarché haten an dann neess wëllen ufänken a sech reintegréieren.

An et ass och e richteg Gedanken, dee jo och anerer hei opgegraff hunn, datt d'Personalverriedunge sollen e Wuert matzeschwätzen hunn, wann et drëms geet, déi richteg Formatiounen fir all Betrib festzeleeën.

Awer an dësem Gesetzesprojet sinn awer erëm eng Rei vu Saachen, déi opgefall sinn an déi ee muss vläicht hei och speziell ënnersträichen. Et ass fir d'Éischt emol eng Fro vun der legislativer Prozedur, déi e bësse bosseg ass.

Mir hunn hei e Gesetz virleien, wat an enger Bipartite arrangéiert ginn ass oder proposéiert ginn ass. Déi Bipartite, déi wor am Juli 2011. Da sollt dat Gesetz Enn 2011 scho réckwierkend a Kraaft trieden. Dat ass net gaangen aus deene Grënn, déi de Rapporteur genannt huet. Elo hu mer et am Mäerz 2012 an der Plénière, fir et da réckwierkend op den 1. Januar 2011 ze applizéieren. Dat ass en Zeechen, datt hei Verschiedenes awer net ganz riicht leeft, souwuel net am Sozialdialog wéi och net an der legislativer Chronologie, wéi normalerweis e Gesetz soll fonctionnéieren.

Eng aner Saach, déi opfällt, dat ass, datt de Statsrot alt nees huet misse eng Kéier intervenéieren, fir d'Rechtsstaatlechkeet vun deem Text, deen d'Regierung eis proposéiert huet, ofzesécheren.

Wann hei vun administrative Strofe Rieds war an dësem Gesetz, dat ass richteg, dat kann een novollzéien. Et däréi keng Entreprise a kee soss profitéiere vun enger Moosnam, déi de Stat wëllt huelen, fir verschidde Kategorië vu Salarié besonnesch ze hëllef. De Mëssbrauch, deen däréi net méiglech sinn. A wann e geschitt, da muss e bestrooft ginn. Dat däréi awer nëmmen an enger Form geschéien, déi rechtsstaatlech ofgeséichert ass. A wann eng administrativ Décisioun fir eng Strof virgesi gëtt an engem Gesetz, da muss selbsterstänlech do och e Recours méiglech sinn.

Mir soen dem Statsrot ausdrécklech Merci, datt en hei an dësem Gesetz op d'Rechtsstaatlechkeet vun den Dispositiounen opgepasst huet an eis haut erméiglecht, e Gesetz ze stëmmen, wat an där Hisiicht keng Bedenke méi suscitéiert.

Domadder wëll ech och nach eng Kéier Merci soen a soen, datt d'ADR dës Gesetzesprojet matstëmmt.

Villmools Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Kartheiser. Als leschte Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Merci, Här President. Dat Gesetz hei geet op en Accord zréck vun der Regierung mat deene grouss Patronorganisatiounen. Et ass en Deel vun deene Kompensatiounen, deen déi Patronorganisatiounen kréien, well de Mindestloun ugepasst ginn ass. Ech mengen, méi wäit brauch een och net sichen ze goen d'Finalitéit vun deem heiten Text. Eng bildungspolitesch Konzeptioun ass op jiddwer Fall net derhannert ze fannen.

D'Chambre des Salariés huet kritiséiert, dass bis elo virun allem vun der Legislatioun, sou wéi se bestanen huet, déi beschäftigéiert Salarié

profitéieren an net déi weéne qualifizéiert, déi eigentlech jo missten, wéi hei gesot gëtt, „employable“ gemaach ginn oder fit gemaach ginn, fir an engem Betrib eng definitiv Plaz ze fannen. Net d'Deelzäitbeschäftegt, net déi prekär Beschäftegt an och net déi eeler Beschäftegt!

D'Chambre des Salariés schléit duerfir och individuell Weiderbildungsméiglechkeeten fir all Salarié an de Schoule vir. Si huet deem beste-hende System virgeworf, ouni Consultatioun mat de Salariésverrieder den eigentleche Sënn vun der Formation continue a ville Fäll ze „denaturéieren“ - wéi se gesot huet.

Un där Situatioun gëtt jo mat deem heite Gesetz a Wierklechkeet näischt geännert. Dat Eenzegt, wat hei geännert gëtt: Verschidde Plafonge vu Subsidé ginn an d'Luucht gesat op 20% oder op 35%.

A souguer zum Virschlag vum Statsrot, fir emol eng Lëscht festzeleeën vu Bildungsinstitutiounen, déi géifen a Fro kommen, déi och kéinte kontrolléiert ginn, ass gemengt ginn, vill Formatiounen géife jo vun de Banken an Amerika ofgehale ginn an duerfir wier esou eppes net realistesch. Dat heescht, déi weéne Kontrollméiglechkeeten, déi et nach eventuell virdru gi sinn, ginn och nach hei diluéiert.

Här President, dat Gesetz hei ass definitiv kee bildungspolitesch Gesetz, mä et ass eng Erhéijung vum staatleche Subsid fir e private Bildungssystem, dee misst a ville Fäll hannerfrot a changéiert ginn.

Duerfir wäert ech och net kënnen dat Gesetz hei stëmmen.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Urbany. Elo kritt d'Wuert déi zoustänneg Éducatious-ministesch, d'Madame Mady Delvaux-Stehres.

► **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.** - Merci, Här President. Ech wollt dem Här Fayot Merci soe fir säi Rapport, all menge Virriedner fir hire Bäitrag. Dat hei ass e Gesetz, wat eng finanziell Ënnerstëtzung gëtt fir d'Betriber, déi an d'Weiderbildung vun hire Beschäftigten investéieren.

Ob dat elo eng grouss bildungspolitesch Offensiv ass oder net, dat sief dohinnergestallt. Sécher ass, dass et wichteg ass fir d'Betriber, dass se an de Capital humain investéieren, an dass et fir d'Leit, déi an engem Betrib schaffen, och wichteg ass, dass se d'Méiglechkeet hunn, sech weiderzebilden.

Duerfir denken ech, dass dat hei e positiivt Gesetz ass fir d'Entrepreneuren a fir d'Leit, déi an den Entreprisë schaffen.

De Stat participéiert dann an Zukunft mat 20% un den Ausgaben, wat d'Formation continue am Betrib ugeet. Ech wëll awer drun erënnere, dass de Betrib ëmmer nach muss 80% finanzéieren. Et ass jo also esou, dass de Stat dat Investissement do begleet zu 20%.

A well mer an der Regierung déiselwecht Bedenken haten, fir ze soen, et sinn ëmmer déi Leit, déi am beschte forméiert sinn, déi am meeschte vun der Formatioun profitéieren, hu mer do gesot, mir géifen nach eppes dropsetze fir déi Leit, déi am mannste qualifizéiert sinn an den Entrepreneuren. Duerfir gëtt den Taux de financement bei Salariéen, déi also keen Diplom hunn an déi kuerz an de Betriber sinn, op 35% eropgesat.

Bei de sougenannten Travailleurs âgés - an ech muss soen, dass och mir d'Häerz weideet, wann ech muss soen, dass een Travailleur âgé ass mat 45 Joer, ech fannen dat relativ entsetzlech! - wëll ech awer soen, mir hunn eis op déi 45 Joer geeenegt, well dat den Text ass, deen an den europäeschen Direktive steet, wat d'Aiden ugeet, déi ee Land kann den Entreprisë ginn. Do steet expressis verbis dran, dass ee kann en anereren Taux vu Financement maache fir verschidde Kategorië vu Leit, dont notament also Travailleurs vu méi wéi 45 Joer, déi also als âgé considéiert ginn. Duerfir hu mer eis op deen Alter festgeluecht.

Dat gesot, géif ech all menge Virriedner Merci soen an ech soe Merci fir dee breeden Accord zu dësem Gesetz, wat effektiv retroaktiv vum 1. Januar 2011 un dann a Kraaft trëtt. Dat ass och en Engagement, wëll ech hei ënnersträichen, wat d'Regierung geholl huet. Duerfir sinn ech frou, dass mer dat dann elo kënnen erfëllen.

Villmools Merci.

► **M. le Président.** - Merci der Madame Ministesch. Domadder si mer um Enn vun der Diskussioun, a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6308 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.



De Projet de loi ass ugehall mat 52 Jo- Stëmmen, géint 7 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Fernand Boden), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par Mme Christine Doerner), Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Martine Mergen), Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Ben Fayot, Claude Haagen (par M. Alex Bodry), Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Angel), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Wagner), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Xavier Bettel) et M. Carlo Wagner;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Fir haut de Mëtteg huet d'Fraktioun vun deene Gréngen eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Drogeproblematik an de Schoulen ugefrot. D'Riedezäit ass hei nom Artikel 84, zweeten Alinéa vum Chambersreglement festgehalten a gesäit Folgendes vir: Där Fraktioun, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet, stinn zéng Minutten zou, deenen anere Fraktiounen jee weils fënnf Minutten, de Sensibilités politiques zwou Minutten an der Regierung eng Véirelstonn. Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Mergen, den Här Berger, den Här Diederich an den Här Kartheiser.

D'Wuert huet elo den honorabelen Här Claude Adam als Vertrieeder vun där grénger Fraktioun.

11. Heure d'actualité du groupe déi gréng sur la problématique des drogues à l'école

Exposé

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, am November 2011 haten déi Verantwortlech vum Lycée agricole zu Ettelbréck Drogentester duerchgefouert. Dat war an der Press rondemgaangen. De 25. November hate mir an engem Brëif Explikatiounen an der Chamberskommissioun gefrot. Mir hunn déi Explikatiounen och kritt. Ech kommen nach eng Kéier kuerz drop zrëck.

Kuerz duerno war eng Razzia am Ëmfeld vum Lycée technique du Centre um Lampertsbiérg am Kader vun Drogen. A Mëtt Januar 2012 huet d'Police zu Ettelbréck an der Privatschoul Sainte-Anne no Droge gesicht. Hei hat d'Schoul sech zimlech laang Zäit gelooss, bis se d'Schüler an hir Elteren informéiert hat.

D'Heefung vun dësen Tëschefäll an d'Noutwendegkeet, fir iwwert dës Tëschefäll öffentlech ze diskutéieren an ze debattéieren, huet déi gréng Fraktioun motivéiert, dës Heure d'actualité unzefroen.

Ëm wat geet et eis? Ma, ee Problem, an zwar de Konsum vun Drogen an eise Schoulen, net ze ignoréieren, mä ze ënnersichen, ze verstoen a probéieren ze reduzéieren.

Mir haten, wat déi Virfäll an der Akerbauschoul betrëfft, de 5. Januar 2012 eng interessant Diskussioun an der Chamberskommissioun. D'Direktesch huet eis erkläert, wat virgefall war a firwat dat d'Schoul esou reagéiert huet, wéi se dat gemaach huet. Et waren Urintester mat zwou Klasse gemaach ginn. An ech hat gemengt, mir wieren eis eens, datt dat eigentlech kee gudder Wee ass, well dat bréngt vill Problemer mat sech.

Engersäits emol juristesche Problemer: Wat sinn déi Resultater wäert? Cannabiskonsum, dee ka scho virun dräi Woche gewiescht sinn an nach ëmmer uweisen.

Et werft och d'Fro op: Wéi ass et mam Schutz vun deem Einzelen? Däerf een och esou eng Prouf refuséieren?

Et werft och eng pädagogesch Fro op, an zwar d'Fro vum Generalverdacht. Kann een einfach

soen, dee ganze Verband, dee muss untriede fir esou Kontrollen? An dann natierlech och: Wat geschitt mat de Resultater vun deenen Tester? Bon, déi ginn un de Procureur, an dat huet dann déi Suiten, déi et huet.

Mir bleiwen als Gréng derbäi, datt d'Tester vun enger ganzer Klass net dee richtege Wee sinn, d'Drogeproblematik ze bekämpfen. An ech hat gemengt, mir wieren eis gréisstendeels dorüwer eens, mä ech hunn de Mëtteg awer do nach meng Zweifel kritt. Vlächcht kréie mer déi ausgeraumt, vlächcht och net.

Bleift also d'Fro: Wéi gi mer de Problem vun den Drogen an der Schoul un?

Do wier fir d'Éischt jo emol d'Fro: Wéi heefeg ass dee Phenomeen? Mir hate bei zwou Klassen an der Akerbauschoul festgestallt, datt 40% vun de Schüler positiv reagéiert hunn. An déi Resultater fanne mer eigentlech an darselwechter Frequenz erëm a verschiddenen Etüden, déi gemaach gi sinn.

Eng Etüd vun 2002 vum Ministère de l'Éducation nationale, «Bien-être des adolescents au Luxembourg», do gëtt gesot, datt 27,4% vun deene befrete Schüler tëschent 13 an 19 Joer gesot hunn, si hätten schonn heiansdo Cannabis probéiert. Bei deene vun 19 Joer, do ass et praktesch d'Halschent. Ech mengen allerdéngs, datt déi Zuelen net esou gewichteg sinn. An d'Gewicht fällt allerdéngs, datt 15,7% vun de Schüler soen, si géife regelméisseg konsuméieren. Dat ass ëmmerhin ee vu sechs!

Et gëtt awer och eng méi rezent Etüd - „Health Behaviour in School-aged Children“ vun Oktober bis Mee 2005/2006 -, an do sinn ähnlech Konklusiounen. Do kënnt dann zum Beispill fir Lëtzebuerg eraus, datt d'Schüler vu 15 Joer soen, si hätten - bei de Meedercher 21%, bei de Jonge 25% - schonn eng Kéier Cannabis gefëmmt.

Wéi reagéiere mer dann an de Schoulen op déi do Faiten?

Mir sinn net der Meenung, datt eis Schoulen net reagéieren. A mir sinn och net der Meenung, datt de Ministère net reagéiert. Mir sinn allerdéngs der Meenung, datt et awer derwäert ass, eng Kéier iwwert dee Phenomeen och hei an der Chamber zesummen nozedenken a vlächcht déi Reaktiounen méi ze bündelen an ze verstärken an och méi geziilt virzegoen.

Et gëtt eng Broschür vum Ministère de l'Éducation nationale, déi heescht «École et cannabis». Déi ass interessant an do stinn och eng ganz Rei Mesuren dran. Do steet zum Beispill ëmmer dran, datt een, wann ee wëllt Disziplinarmaasures ergräifen, déi dann ëmmer och soll vu beglëendende Moosnamen ënnerstëtzen, well soss riskéiert een, méi Schued bei engem Jugendlechen ze maachen, wéi gutt ze maachen.

Do gëtt drop higewisen, datt et wichteg ass, datt d'Enseignantë sech bewosst sinn, datt se erkennen, weini datt se et mat Schüler ze dinn hunn, déi e Problem hu mat dem Konsum vun Drogen, an net nëmme mat dem Konsum vun illegalen Droge wéi Cannabis, mä mir hunn och e Problem vun iwwerdrüwenem Alkoholkonsum an eise Schoulen.

Et gëtt op déi speziell Roll vum Régent vun der Klass higewisen. De Régent, deen ass en Intermédiaire tëschent der Schoul an den Elteren. Datt de Régent kann, soll, misst eng Vertrauenspersoun sinn, un déi e Schüler sech ka wenden, an deen och e speziellen Drot zu den Eltere misst opbauen. An dem Régent misst och d'Behuelen an d'Wuelbefanne vum Schüler besonnesch um Häerz leien.

Et gëtt natierlech och zu Recht op d'Mataarbechter vum SPOS higewisen, déi ganz wichteg an deem Zesammenhang sinn, déi och d'Elteren an de Jugendleche kënne berodend ënnerstëtzen. An et ass natierlech och esou, datt an urgentë Fäll, wann ee feststellt, datt zum Beispill e Schüler drogéiert an der Klass setzt, een do och direkt muss reagéieren. Dat war am Fall vun der Akerbauschoul esou.

Ech mengen, et gëtt vill Situatiounen a Schoulen, wou ee geféierlech Situatiounen huet, wann déi Schoulresponsabel net agräifen. Si sinn och duerch d'Gesetz dozou verflücht, anze-gräifen. An da muss een ënner Ëmstänn och e Schüler heemschécken. Et muss een d'Eltere kontaktéieren. Et muss een e Gespréich féieren. Spéistens dann deen aneren Dag muss ee sech dee Schüler an d'Schoul bestellen.

Eltere reagéieren heiansdo och schwierig, wa se mat deene Faitë konfrontéiert ginn. Ech hu mer alt vu Lycéedirektore soe gelooss, datt oft Onverständnis kënnt bei den Elteren, ënnert dem Motto: „Mäi Bouf, mäi Meedchen, dee mécht dat doten net!“ Duerfir ass et och wichteg, datt een d'Eltere matzäiten och abënnt an d'Diskussioun an den Elteren och ze verstoe gëtt, datt éischters Hëllefstellungen do sinn an datt et net duergeet, fir e Problem ze niéieren.

Méi staark muss d'Schoul natierlech reagéieren, wann et net just ëm de Konsum geet, mä wann et ëm d'Distributioun, also ëm d'Deale geet. Ech mengen, do schéngt et logesch ze sinn, datt, wann dee Fait vun Deale festgestallt gëtt, dee Moment muss och d'Police op de Plang treden, an dee Moment muss d'Schoul och méi streng reagéieren, wéi wa just eng Hëllefstellung gebraucht gëtt fir e Schüler, deen e Problem huet mam Konsum.

Wéi eng Konklusiounen zéie mer dann elo aus deem, wat mer feststellen an eise Schoulen?

Majo, mir sinn der Meenung, datt mer op dräi Punkte sollen agéieren. Dat Éischt, deen éischte Punkt, deen eis ganz wichteg schéngt, dat ass d'Formation initiale et continue des enseignants. Mir sinn der Meenung, datt mer d'Formation, virun allem och d'Formation continue solle verstärken. Et wier vlächcht och un der Zäit, d'Schwéierpunkten am Enseignement e bëssen nei ze iwwerdenken.

Jorelaang maache mer an der Éducation esou, wéi wann haaptsächlech d'Socles de compétences an d'theoretisch Ausenansetzung mat Evaluationskritären eleng wichteg wieren. Et gëtt och nach aner Prioritéiten an der Éducation! Den Ëmgang mat Drogen ass eng. Den Ëmgang mat Verhalensopfällegen oder mat spezifische Problemer vu Schüler si weider wichteg Punkten.

Et ginn allerhand Aktiounen gemaach. Ech hunn dat och schonn am Ufank gesot. Et ass net, wéi wann näischt géif geschéien. De SCRIPT bitt zum Beispill eng Rei Formation-continuen un. Allerdéngs, ganz oft fanne se net statt, well net genuch Leit motivéiert kënne ginn, fir do matzemaachen. Mir sinn also der Meenung, datt, wat d'Formation continue schwéierpunktméisseg ugeet, méi misst geschéien an eise Schoulen.

Zweetens si mer och der Meenung, datt mer méi missten opklären. Mir maachen interessant Aktivitéiten an eise Schoulen a mir begrësse se alleguer, sief dat am Beräich gesond Ernährung oder fit duerch Sport a Bewegung. Et wier an eisen Aen och ubruecht, méi eng grouss Opklärungscampagne iwwert den Ëmgang mat legalen an illegalen Drogen ze maachen. Esou Campagnë bréngen eppes!

Et schéngt jo zu eiser Freed erweisen ze sinn, datt déi Campagnen, déi iwwert d'Femme gemaach ginn - datt d'Femme schlecht ass fir d'Gesondheet -, e moossbaren Erfolleg souwuel bei deenen Erwuessene wéi bei deene Jonken hunn. Do gëtt et Etüden, déi weisen, datt tëschent dem Joer 2010 an dem Joer 1998 den Undeel vun deene Jonken, déi fëmmen, ganz daitlech erofgaangen ass. 1998 hunn nach 19% vun deene Jonken tëschent 11 an 18 Joer gesot, si géife fëmmen; 2010 sinn et nach 9%.

An och den Alter vun deenen, déi fir d'Éischt hir Experienz mam Tubak maachen, dee geet lues a lues erop. 1998 louch deen nach bei 12,8 Joer, an 2010, ëmmerhin nach vill ze jonk, mä awer 13,9 Joer, also e gutt Joer méi spéit, wou déi éischt Experienze gemaach ginn.

(Mme Lydie Polfer prend la présidence.)

Et ass also esou, datt déi Informationscampagnen Erfolleg bréngen. A mir mengen, datt et derwäert ass, fir eben och an de Lycéëen méi esou Campagnen ze maachen, wéi mer et bis elo gemaach hunn. Mir sinn der Meenung, datt mer déi Lycéëen net diskreditéieren, déi sech och öffentlech mat der Drogeproblematik auserneesetzen. Ganz am Géigendeel! Déi Schoule weisen, datt se de Problem erkannt hunn a sech och dermadder auserneesetzen.

Mir warnen awer och virun Exzesser an Hysterie an der Ausenansetzung mam Drogeproblem. Ouni wëllen ze verharmlosen, muss mer awer daitlech maachen, datt net all geleeëntleche Cannabiskonsumant an den Drogen ënnergeet. Grad wéi net all geleeëntlechen Alkoholkonsument Alkoholiker gëtt, oder Leit, déi gäre spillen, der Spillsucht verfallen.

An deem Sënn wiere mer och frou, wa verstärkt op ONGen oder Stëftung geif zrëckgegraff ginn, wa mer iwwert d'Drogepreventioun an der Schoul schwätzen. Domat wëlle mer d'Aarbecht vun der Police net schlechtmaachen oder ofwäerten, mä à chacun sa place. Et ass der Preventioun net onbedéngt förderlech, wann déiselwecht Leit se maachen, déi och fir d'Repressioun zoustänneg sinn. Och an der Preventiounsaarbecht muss Wäert op eng pädagogesch Approche geluecht ginn, a mir gesinn déi op anere Plaze besser garantéiert wéi bei der Police.

An deem Sënn wëll ech och hei eng Motioun déposéieren, wou ech déi dräi Punkten am Fong geholl nach eng Kéier resuméiert hunn, a wou d'Chamber geif, wa mer dann déi Motioun kënne hei stëmmen, d'Regierung opfuederen, fir an deenen dräi Beräicher aktiv ze ginn.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant les résultats des dépistages de drogues réalisés dans et autour de certains lycées du pays;

- estimant qu'il n'est pas souhaitable que les établissements scolaires criminalisent les élèves par une procédure de tests incluant l'intervention du Parquet et de la Police grand-ducale;

- estimant que des tests de drogue ne devraient pas soutenir une suspicion générale envers tous les élèves, mais au contraire être appliqués au cas par cas en cas de doute;

- considérant les questions de santé et de sécurité à l'école ainsi que la responsabilité des établissements scolaires y relative;

- estimant insatisfaisant que le travail de prévention réalisé dans les établissements scolaires repose principalement sur l'intervention de la Police grand-ducale;

- considérant que les tests de drogue ne peuvent pas déterminer avec précision le moment de consommation de substances illicites;

- estimant que la problématique des drogues à l'école ne peut se résumer aux substances illicites mais doit également inclure l'abus d'alcool et de tabac;

invite le Gouvernement

- à renforcer de manière générale sa politique de prévention en matière de consommation de drogues légales et illégales chez les jeunes;

- à renforcer la collaboration avec les ONG et fondations en ce qui concerne le volet du travail de prévention dans les établissements scolaires;

- à améliorer la formation continue du corps enseignant en matière de prévention et de reconnaissance de problèmes de dépendance chez les jeunes.

(s.) Claude Adam, André Bauler, Eugène Berger, Félix Braz, Henri Kox.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme le Président.**- Merci. Ech soen dem Här Adam Merci an ech géif dann als éischtem Orateur der honorabeler Madame Mergen d'Wuert ginn.

Débat

► **Mme Martine Mergen (CSV).**- Merci, Madame President. Dir Dammen an Dir Hären, deen Drogesujet, deen haut um Ordre du jour ass, ass méi exzeptionell, mä ech mengen, dass een en net ganz aus dem Kontext vun der gesamter Drogeproblematik an onsem Land kann duerstellen. Mir schwätzen haut vun den Drogen - wéi den Här Adam et jo scho gemaach huet - an de Schoulen. Ee Sujet, dee méi rezent an deene vum Här Adam zitéierte Fäll an de Medië war an deen e groussen Echo dobaussen hat.

Et ass effektiv e Sujet, wouriwwer vill Eltere sech zu Recht Suerge maachen, wou och déi Jonk wëllen e Wiertche matschwätzen. Dofir begrëisst d'CSV-Fraktioun ausdrécklech dës Initiativ vun deene Gréngen, well mir mussen ons och Suerge maachen, wat an onse Schoule mat de Jugendlechen ofleeft, a mir mussen och déi néideg politesch Schrëtt kënne huelen, fir dësem Problem ze begéinen.

Cannabis ass laut dem Weltdrogebericht 2011, deen d'lescht Joer am Juni vum Ban Ki-moon an der UNO presentéiert gouf, déi Drog, déi weltwäit am meeschten ugebaut a konsuméiert gëtt. 2009 hunn international tëschent 125 an 203 Milliounen Mënsche Cannabis op d'mannst eemol konsuméiert!

Cannabis ass och hei zu Lëtzebuerg déi Drog, déi am heefegste konsuméiert gëtt, a ganz besonnesch vun deene Jugendlechen. Och wann och bei ons de Konsum vu synthetischen Drogen a Methamphetaminen zesumme mat der Offer am groussen Mooss zougehall huet, ass dat awer bei de Jugendlechen eng Randerscheinung. Et ass de Cannabis, deen heefeg ass, well säi Konsum och oft banaliséiert gëtt.

Et kann een net Parallelen zéien zur Hippiesromantik aus de 70er Joren. Neen, well dee Mouvement, dee mer jo elo hunn, ass mat deem vun deemools net ze vergläichen. Et ass zwar vill driwwer geschwat ginn déi Zäit, mä et war effektiv eng Randerscheinung. Haut schwätzt déi Etüd vum Centre de prévention des toxicomanies dovun, dass op Douzième 43,4% vun de Schüler op d'mannst eemol Cannabis konsuméiert hunn. Hei ass also d'Responsabilitéit vun de Schoulen an och vun den Eltere gefuerdert.